**Kulturzentrum opderschmelz**

**Laudatio fir de Romano Tommasini**

**11. Juni 2025**

Här Premier Conseiller,

Madamm Deputéiert,

Här Buergermeeschter,

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäfferot an aus der Kulturkommissioun,

Léif Invitéeën,

a virun allem: léiwe Romano,

Ech hunn haut déi grouss Freed, d'Laudatio fir de Romano Tommasini ze halen.

Eis verbënnt eng ganz laang Frëndschaft, déi schonn an der Diddelenger Museksschoul oder am Bus an de Lycée op Esch hätt kënnen ufänken.

Mir stoungen 1971, viru 54 Joer, nämlech schonn zesummen op der Bün vum Diddelenger Gewerkschaftsheim: Du hues am Solfège de *„Certificat d'aptitude pour amateurs avec la plus grande distinction"* kritt an ech krut d'Éischt Mentioun am Piano.

Et war also an der Diddelenger Museksschoul, déi deemools nach op déi verschidde Primärschoulsgebaier um Strutzbierg verdeelt war, wou de Romano Tommasini seng musikalesch Formatioun ugefaangen huet.

An ouni d'Diddelenger Museksschoul wier de Romano ni e Berliner Philharmoniker ginn, sou wéi och dem Romano säi Papp, den Tommasinis Fränz, ouni d'Museksschoul ni Museker gi wier.

De François Tommasini hat Trompette a Cor geléiert, huet am RTL-Symphonie-Orchester Cor gespillt a war och wärend ville Joren Direkter vun der Diddelenger Museksschoul.

Wann hien doheem geüübt huet, dann huet de klenge Romano d'Melodien no gesongen an op der Strooss nogepaff. An als Kand kennt ee keng Hemmungen an da päift een eben alles no!

De russesche Pianist Heinrich Neuhaus sot, et soll een net sech selwer an der Musek fannen, mee et soll een d'Musek a sech selwer fannen. De Romano huet mir mol erzielt, dass hien deemools schonn d'Musek a sech gespiert hätt.

D'Bedeitung vun dem Elterenhaus bei der Sensibiliséierung fir d'Musek ass net ze ënnerschätzen. Wichteg ass et awer, dass et och Institutioune wéi Museksschoule gëtt, wou dann och d'Talenter weider gefërdert ginn. Musekschoulen a Conservatoirë bereede Carrièren a ganz Liewensweeër fir, net fir all Musekschüler, awer fir déi, déi Talent hunn a bereet sinn, 10000 Stonnen ze üben!

De Romano huet hei da Solfège geléiert. De Piano huet him net esouvill gesot; als Instrumenter waren et dann d'Gei an d'Flütt, fir déi hien sech begeeschtert huet.

An als Flüttist konnt hien och an der Diddelenger Stadmusek matspillen, wou säi Papp Dirigent war.

*„Ech weess, dass ech am meeschte Freed a mengem Liewen duerch meng Gei erlieft hunn."* Dat sot den Albert Einstein, trëfft awer och op de Romano zou.

A wann hien doheem Gei geüübt huet, vu sengem 9. Liewensjoer un, huet säi Papp hien um Akkordeon begleet. Wou de Pierre Cao – och en Diddelenger Kulturpräisträger, bei deem vill Diddelenger Kanner de Solfège geléiert hunn – dat gehéiert huet, huet hien direkt proposéiert, dass dee Bouf mat engem richtegen Orchester spille misst.

A sou koum et dann extrem fréi zum éischten ëffentlechen Optrëtt: am Kino zu Rodange! Den Orchester vum Conservatoire gouf vum Josy Hamer dirigéiert an de Romano huet de Geieconcerto Nr. 5 a La majeur vum Mozart gespillt : mat 10,5 Joer, 1,5 Joer nodeems hien säin éischte Geiecours hat. Dëse Geieconcerto vum Mozart muss een iwwregens elo virspillen, wann een eng vun de zwou am Moment fräie Geieplazen bei de Berliner Philharmoniker kréie wëll.

Wéi huet awer seng Famill reagéiert, wou se dem Romano säi musikalescht Talent entdeckt hunn?

*„Dat war Schäiss, wëll dunn hunn ech richteg vill missen üben!"* (dat war en Original Zitat vum Romano!)

Et war virun allem säi Papp, deen drop gehalen huet, dass richteg vill geüübt gouf.

Dem Romano seng Mamm huet dat kompenséiert: mat guddem italieenesche Kascht! Den Erfolleg gesäit een op de Fotoe vum Romano aus dëser Zäit! A si huet och mol geblufft: wann de Romano de ganzen Dag dobausse Fussball gespillt huet, huet si owes hirem Fränz trotzdeem erzielt, dass hie fläisseg geüübt hätt.

De Fussball ass och haut nach eng grouss Passioun vum Romano. Hien huet als Bouf och hei zu Diddeleng gespillt: Di éischt Halbzeit huet hien um Terrain matgespillt, a wärend der zweeter Halbzeit souz hien dann am Solfège-Cours an der Museksschoul.

Mat 13 huet de Romano säin Éischte Präis a mat 14 de Prix de Capacité am Stater Conservatoire gemaach. Seng Geie-Professorin am Stater Conservatoire war d'Madame Charron, eng bedeitend Musekspädagogin, déi ganz geziilt déi gréissten Talenter bei de Kanner erausgepléckt huet an dann an hir Klass opgeholl huet.

Ech nenne just e puer Nimm: de Romano selbstverständlech, Claude Jacoby, Georges Lentz, Sandrine a Muriel Cantoreggi, Marguerite Dumont ...

Dem Romano säi Professer an der Musique de Chambre war de Francis Rosner, fréiere Konzertmeister vum RTL-Symphonie-Orchester.

Am Alter vu 14 Joer hat de Romano also seng musikalesch Formatioun zu Lëtzebuerg ofgeschloss.

Vum Talent-Erkenne bis zum Wonsch, Beruffsmuseker ze ginn, war et net wäit.

Dat war dem Romano scho ganz fréi kloer, an all aner Beruffer goufe séier ausgeschloss. Et ass dunn drëms gaangen, sou séier wéi méiglech zu Lëtzebuerg de Lycée mam Premièresexamen ofzeschléissen, fir dann op en auslännesche Conservatoire kënnen ze goen.

A fir seng Geieprofessesch, d'Madame Charron, gouf et just eng Musekshéichschoul, an déi war zu Paräis. Wie weess, wou de Romano gelant wier, hätt de Francis Rosner Wien proposéiert?

Bei dëser Entscheedung huet dem Romano säi Papp sech awer net agemëscht: als professionelle Museker wousst hie ganz kloer, dass et am Liewe vun engem Museker och manner schéi Säite ginn, Frustratiounen, Ofstierz.

Fir de Romano war et awer de richtege Choix : Hie gouf um Paräisser Conservatoire Schüler vum Pierre Amoyal, deen do scho mat 28 Joer Professer war.

Säi Professer an der Musique de chambre war de Jean Hubeau, e bedeitende franséische Pianist, Komponist a Pädagog.

Schonn als Student huet de Romano mat 3 anere Museker e Quartett gegrënnt: de Quatuor Ysaÿe, deen nom belschen *„Kinnek vun der Gei",* dem Eugène-Auguste Ysaÿe benannt gouf. *„Un quatuor à cordes qui allait changer le paysage musical en France."* konnt een an der Press liesen. Ech erënnere mech un eng gemeinsam Zuchrees op Paräis, wou mer de Numm fir deen neie Quatuor gesicht a fonnt hunn. De Romano war 2 Joer laang als 2. Violonist derbäi. De Quatuor Ysaÿe gouf zu engem weltbekannte Quatuor, mat ënnerschiddleche Besetzungen, an huet sech leider no 30 Joer opgeléist.

No zwee Premiers Prix – Gei a Musique de chambre – am Joer 1983 huet de Romano mat engem 3e Cycle – Gei a Musique de chambre – am Joer 1985 am Alter vu 25 Joer seng Studien um Conservatoire national supérieur de musique de Paris ofgeschloss.

Bei Museker ass et jo ëmmer wichteg, d'Nimm vun deene Leit ze nennen, bei deenen si geléiert hunn, well een do wéi an engem Stammbam interessant Traditiounen erausliese kann. De Pierre Amoyal, dem Romano säi Geieprofesser zu Paräis, war Schüler vum groussen David Oistrakh, an awer och wärend 5 Joer an Amerika vum eenzegaartege Violonist aus dem 20. Joerhonnert, dem Jascha Heifetz, *„God's fiddler"* wéi d'Amerikaner soten.

Dem Romano säi pädagogesche Grousspapp Jascha Heifetz sot och, wat e Violonist brauch: *„D'Nerve vun engem Stéierkämpfer, d'Vitalitéit vun enger Hostess aus engem Night-Club an d'Konzentratioun vun engem buddhistesche Mönch."*

An dofir gouf de Pierre Amoyal vum Heifetz richteg gequäält, hien huet misse sechs Méint laang Gamme spillen, ass vernannt an erniddregt ginn, a krut strikt verbueden, mam Herbert von Karajan ze spillen.

Awer sou wéi de Pierre Amoyal dann awer dach nach mam Karajan gespillt huet – den Heifetz huet duerno kee Wuert méi mam Amoyal geschwat – sou war de Karajan och fir de Romano keng *„Brandmauer"*, wéi een haut géif soen. An d'Berliner Philharmoniker scho guer net.

Wa nämlech fréier beim Romano doheem e Concert vun de Berliner Philharmoniker um Fernseh iwwerdro gouf, huet de François Tommasini ëmmer gesot: *„Dat sinn déi Bescht!“* Kee Wonner, dass de Romano scho ganz fréi den Dram hat, bei de Beschte matzespillen!

Awer ier et esou wäit war, koum no Paräis nach Nanzeg als Tëschenetapp derbäi.

1985, mat 25 Joer gouf de Romano Konzertmeister zu Nanzeg. Fir hie gouf extra eng nei Plaz geschaf: wärend dräi Joer war hien offiziell *„Super-soliste“*.

D’Berliner Philharmoniker waren awer schonn op de Romano opmierksam ginn, an hunn hien am Februar 1988 als Aushëllef op Berlin invitéiert.

Vun deem Moment, wou de Romano op engem Méindegmoien um 10 Auer am Orchester souz an d’Berliner mam James Levine déi 2. Symphonie vum Robert Schumann gespillt hunn, huet hien oft erzielt.

Zitat Romano: *„Ech hat d’Gefill, de Podium géif ofhiewen. Dat war wéi eng Drog, eng onbeschreiflech, richteg kierperlech Erfarung. Deen Enthusiasmus an déi Energie am Orchester – si zéien all un dem selwechte Strang. An dat ass bis haut esou. Jiddweree gëtt säin absolut Bescht! Eng „totale Hingabe“.“*

An déi huet de Vicco von Bülow, besser bekannt ënnert sengem Künstlernumm Loriot, och bei senger Laudatio fir den 100. Anniversaire vun de Berliner Philharmoniker mat sengem herrlechen Humor beschriwwen. Beim Loriot kléngt dat esou:

*„Uns bleibt der Dank für die Kontinuität eines musikalischen Wunders ...*
*und damit die Bewunderung einer Gesamtleistung als Summe von Können und Fleiß oder Treue aus Willen zur Leistung...*
*als Anliegen im Dienste der Sache im Willen zum Glauben an Leistung durch Hingabe zur Musik im Verzicht auf Können ohne Anliegen...*
*oder Treue zur Leistung durch Willen im Glauben zur Sache, in der Hingabe an Aufgabe und Anliegen im Dienste der Musik aus Überzeugung...*
*also Können im Glauben an die Summe von Treue und Leistung im Geiste richtigverstandener Tradition...*
*oder, wie der Dichter sagt: Musik.“*

Am Dezember 1988 huet de Romano dunn de Concours fir eng Violoniste-Plaz bei den 2. Geie bei de Berliner Philharmoniker gewonnen.

Et war natierlech e krasse Wiessel aus Frankräich an Däitschland. Och wann de Romano de franséische Savoir Vivre vermësst, huet hie Berlin als eng liewenswäert Stad kenne geléiert, an dat an deem historesch spannende Joer 1989.

Zu Berlin huet hien och seng Famill opgebaut: mat senger Fra, dem Maura aus dem italieenesche Genua, krut hien dräi Kanner: de Flavio, de Lorenzo an d‘Luisa – déi ëmmer gäre bei hir Boma op Diddeleng kommen.

Déi Energie, dee Flow an déi vill agreabel Säite vun engem Weltklass-Orchester wëll de Romano net mëssen. Hie kann sech dofir och e Liewen ouni Berliner Philharmoniker net virstellen.

An a 36 Joer a bei gutt 2500 Concerten, déi de Romano matgespillt huet, ass et schwéier, e puer Héichpunkten opzezielen. Vun e puer aussergewéinlechen Erënnerungen erzielt de Romano awer ëmmer gären. Hei e puer Beispiller:

Dat onvergiesslech historescht *„Mauerfallkonzert",* offiziell d'*"Sonderkonzert des Berliner Philharmonischen Orchesters für Besucher aus der DDR"* dräi Deeg nom Fall vun der Berliner Mauer. Als Entréesbilljee huet ee just den DDR-Pass gebraucht. Um Programm stoung deemools Musek vum Beethoven a Mozart! Fir de Romano eng eemoleg Chance deemools nach am Probejahr!

Déi éischte Kéier bei den Ouschterfestspiller zu Salzburg: d'Oper Tosca vum Puccini mam Luciano Pavarotti an Herbert von Karajan, an de Requiem vum Verdi.

D'Concerte mam Sergiu Celibidache a mam Carlos Kleiber: onvergiesslech, dem deemools allergréissten Dirigent vu senger Zäit!

D'Brucknersymphonien mam Günther Wand a spéider mam Christian Thielemann.

All déi Concerte mat de weltwäit beschte Solisten, déi vun de Berliner invitéiert goufen. Anne-Sophie Mutter, Ithzak Perlman, Pinkas Zukerman, Yo Yo Ma, Daniel Barenboim ...

D'Orchestertourneeën an déi gréissten a schéinste Concertssäll vun der Welt: dobäi si virun allem d'Concerten an der Carnegie Hall zu New York, dem Musikvereinssaal zu Wien oder der Suntory Hall zu Tokyo fir de Romano echt Glécksmomenter.

A mir alleguer kënne Gottseidank all di wonnerbar Concerten online an der *„Digital Concert Hall"* um Internet mat beschter Toun- a Bildqualitéit live erliewen an duerno och ëmmer nees gesinn, héieren an eis beréiere loossen. No engem Besuch zu Berlin, wou dem Romano seng Elteren de Requiem vum Verdi lauschtere waren, huet den Tommasinis Fränz erzielt: *„An de ganze Sall huet gekrasch!"* Et ginn net vill Orchester, déi hire Publikum sou staark emotional beweege kënnen.

Och wann de Romano oft als Solist opgetratt ass – ech erënnere mech u Concerten zu Tréier, um Iechternacher Festival oder an der Philharmonie zu Lëtzebuerg, sou war säi Wonsch ëmmer, virun allem Musek mat aneren zesumme maachen, en Deel vun engem Orchester oder engem Kammermusiksensembel sinn.

Solist sinn ass e ganz anere Beruff, e ganz anert Geispillen, wou ee wärend Méint dee selwechte Programm spillt. An och mat groussem Risiko verbonnen! En Orchester awer bitt engem Museker eng Liewensperspektiv, e reegelméissege Revenu a Sécherheet.

Nieft dem Orchester bleift d'Kammermusek awer ëmmer déi grouss Passioun vum Romano. Ech zielen déi verschidden Ensembelen op, mat deenen de Romano a ganz Europa, Nordamerika, China, Japan a Südkorea ënnerwee ass:

- Philharmonisches Streichtrio mam Braatschist Wolfgang Talirz an dem Cellist David Riniker – vun deenen zwee héiere mer nach gläich.
- Berliner Camerata
- Philharmonisches Streichquintett, mat der Weltklass-Cellistin Tatjana Vassilijewa (Si huet mam Romano hei am Sall den 1. Concert gespillt.)

- Philharmonisches Oktett, den eelste Kammermusikensembel vun de Berliner
- Ensemble Wien-Berlin, an deem Wiener a Berliner Philharmoniker zesummespillen.

Zenter 36 Joer ass de Romano Tommasini also elo bei de Berliner Philharmoniker, dem weltwäit beschte Symphonieorchester.

An do kënnt et ëmmer nees vir – sou erzielt mir säi Kammermusikpartner a Braatschist am Orchester, de Wolfgang Talirz - dass de Romano (als Tutti-Violonist) gefrot gëtt, als Stimmführer anzesprangen: *„Der Tommasini soll es machen!“* gëtt dann am Orchester gesot. Dat beweist déi eminent Wäertschätzung, déi hien am Orchester genéisst. D’Museker wëssen, dass hie fir d’Musek brennt, an dass fir hien dat Wesentlecht ass, de Publikum ze begeeschteren. Des Begeeschterung fir d’Saach dauert bis haut un.

De Grondstee fir des Begeeschterung gouf bei Tommasinis zu Butschebuerg an an der Diddelenger Museksschoul geluecht. A wann och an all Mënsch Musek ass, sou ass et de Merite vun de Museksschoulen a Conservatoiren, esou aussergewéinlech Talenter ze erkennen. An esou war de Wee vun der Diddelenger Museksschoul bis bei déi legendär Berliner Philharmoniker méiglech, mat Disziplin, Ausdauer a richteg vill Üben!

N.B.: D’Berliner spillen iwwregens de 6. September dëst Joer an der Philharmonie zu Lëtzebuerg: um Programm déi 9. Symphonie vum Gustav Mahler.

Wou ech de Romano no sengem absolut musikaleschen Highlight gefrot hunn, huet hie mat engem Zitat vum Daniel Barenboim geäntwert: *„Der musikalische Höhepunkt meines Lebens kann nur in der Zukunft liegen.“* De Musekshimmel ass also wéi d’Richterskala no uewen op!

Léiwe Romano, den Diddelenger Kulturpräis soll en Zeeche sinn, wéi mir Dech bewonneren a wéi vill s Du der Stad Diddeleng bedeits. Du hues ni vergiess, wou s Du hierkënns. A mir hunn ni vergiess, wéi stolz mir op eisen Diddelenger Berliner Philharmoniker sinn.

Däi pädagogesche Bop, de Jascha Heifetz sot: „E Violonist soll ëmmer glécklech sinn, wann e spillt. Wann e gutt spillt, soll hie glécklech sinn, dass hie gutt spillt. Wann hien net gutt spillt, da soll e glécklech sinn, dass et geschwënn eriwwer ass.“

A sou ass meng Ried och geschwënn eriwwer.

Zum Schluss wëll ech awer nach gären eng WhatsApp vum Berliner Philharmoniker a Cellist David Riniker virliesen: *„Romano ist nach wie vor ein fabelhafter Geiger, den ich ausgesprochen schätze. Wir haben im Orchester viele Geiger, aber nur ganz wenige mit einem solch herrlichen Klang, wie Romano fähig ist, ihn aus einer Geige heraus zu locken.“*

A mir freeën eis ob all déi schéin Téin, déi am Moment nach all an Denger wonnerbarer Gei drop waarden, vun Dir eraus gezaubert ze ginn.

Merci!

Georges Hengesch

Diddeleng, 11. Juni 2025